ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Lagarde-Kampfansage an die Märkte" deen den 1. Abrëll an der "Börsen-Zeitung" publizéiert gouf, war ze liesen, datt d'EZB-Cheffin Christine Lagarde an Zukunft verstäerkt um Kapitalmarché vun der Eurozone wëll intervenéieren, fir deene klammenden Zënsen am Segment vum Handel mat Obligatiounen entgéint ze wierken. Wéi den Artikel "Lagarde rät Anleihe-Investoren von Wetten gegen die EZB ab" vu Reuters preziséiert, huet si sech an hirer Ausso souwuel ob d'Obligatioune vu privaten Entreprisen, wéi ob d'Obligatioune vu Staaten am Eurowährungsverbond bezunn. Aus der Economie wësse mir ausserdeem, datt den Zëns ënner anerem d'Funktioun huet, fir de Risiko vun engem Investissement mat ofzebilden.

Dowéinst wéilt ech dene Häre Ministeren dës Froe stellen:

1) Op wéi enger präziser rechtlecher Grondlag berouen des Interventioune vu säit vun der EZB, besonnech wat d'Obligatiounen ugeet, déi vu Staaten emettéiert ginn? Keeft d'EZB des Obligatioune just um Sekundärmaart oder och um Primärmaart op?
2) Wéi ee Rating vun deenen dräi groussen Agence mussen d'Émetteure vun dëse Pabeiere wéinstens opweisen, fir fir de PEPP-Programm eligibel ze sinn?
3) Wëll d'EZB de Rating-Niveau vun deene Pabeieren déi si opkeeft lues a lues net erop setzen? Wat geschitt mat all deene Pabeieren déi d'EZB an deene leschte Joeren opkaf huet an déi e ganz niddrege Rating haten?
4) Gesäit den Här Minister an dëser ëffentlecher Interventioun um Kapitalmarché eng eventuell Konkurrenz fir déi privat Acteuren, inklusiv och op der Finanzplaz Lëtzebuerg?
5) Wéi gëtt déi sougenannten "Asset-Inflation", also den Ustigg vun de Verméigenswäertpräisser aktuell an der Berechnung vun der allgemenger Inflatioun duerch d'EZB berücksichtegt? Ginn déi nämmlecht Parameteren och beim Statec benotzt? Wann net, firwat net? Wéi ënnerscheeden sech d'Parametere vum Statec an deem Fall vun deene vun der EZB?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten